

den Enregistrement –, opgrond vun enger gudder Digitaliséierung, an déi brauche mer an deene Finanzverwaltungen ëmmer méi, dat hei net op d'laang Bänk sollt geschiibt ginn, fir dass iwwerhaapt herno kann eng Leerstandssteuer erhuewe ginn.

Dat heescht, ech engagéiere mech hei fir déi Verwaltungen, déi vun dem Finanzministère ofhänken an déi en Deel derzou kënnen bäidroen, dass dat net als Obstruktioun sollt gebraucht ginn. Neen, déi Aarbechten, déi ginn onofhängeg dovunner virun, an ech wëll Iech och duerfir dat Engagement ginn.

An de leschte Punkt ass deen: Dir hat d'Méiglechkeet – wéi ech och, mengen ech –, d'Kadasterverwaltung ze gesinn. Dat ass impressionnant, wéi d'Kadasterverwaltung digitaliséiert ass. Dat kënnen d'Leit och praktesch gesinn op dem Internetsite vun der Kadasterverwaltung an ech géif mer eigentlech wënschen, dass all déi Verwaltungen – zumindest déi, fir déi ech dierf schwätzen; dat sinn déi, déi vum Finanzminister ofhänken –, de selwechten Degré de digitalisation hätten, well dat géif net nëmmen de Verwaltungen, net nëmmen den Aarbechtsfleef, mee virun allem de Biergerinnen an de Bierger vill zeguttkommen. An ech mengen, d'Digitaliséierung ass gradewéi déi kënschtlech Intelligenz net eppes fir sech selwer, mee et ass virun allem eppes, wat soll am Sënn si vun engem effikasse Staat, am Sënn vun einfacher Verwaltungsfleef a virun allem am Interessi vum Bierger.

Dat gesot, soen ech Iech Merci, dass déi Suggestioun vum fréiere Rapportier Franz Fayot dann haut ënner engem CSV-Finanzminister hiren Néierschlag fënn. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen der Regierung Merci. Domat wär d'Diskussioun dann ofgeschloss.

Da komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet. Ech maachen Iech wéi üblech drop opmierksam, dass Der Iech musst aloggen, wann Der wëllt mat ofstëmmen, well soss kënn Der net mat ofstëmmen. Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8330A. Den Text steet am Document parlementaire 8330A^{2A}.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8330A et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. De Vott ass dann domat ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm an deementspriedend och kenger Abstentioun. De Projet de loi ass also mat 60 Jo-Stëmme unanime ugehoill.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher (par M. Christophe Hansen), Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Octavie Modert) et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Pölfer (par M. Gusty Graas) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haag et Mme Paulette Lenert ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

MM. François Bausch, Meris Sehovic (par M. François Bausch), Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement (par M. Ben Polidori), Marc Goergen et Ben Polidori ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

5. 8320 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 15 décembre 2020 relative au climat

An da komme mer zum zweete Punkt vun eiselem Ordre du jour vun haut, an do hu mer de Projet de loi 8320, eng Ofännerung vum Klimagesetz am Kader vum Europäeschen Emissiounshandelssystem. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an deemno folgendermoossen opgedeelt: De Rapporteur huet 15 Minutten, d'CSV huet 31 Minutten, d'DP 24, d'LSAP 21, d'ADR 15, déi gréng, d'Piraten an déi Lénk hunn 10 Minutten an d'Regierung huet 15 Minutten. Et hu sech elo schonn ageschriwwen: den Här Luc Emering, d'Madamm Claire Delcourt, den Här Jeff Engelen, d'Madamm Joëlle Welfring, den Här Ben Polidori an den Här David Wagner. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Christophe Hansen. Här Hansen, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité

M. Christophe Hansen (CSV), rapporteur | Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 8320, iwwert dee mir haut ofstëmmen, modifizéiert an aktualiséiert d'Klimagesetz vum 15. Dezember 2020. An dat war néideg, well, wéi Dir wësst, sinn um europäeschen Niveau eis Klimaambitiounen fir 2035 am sougenannte „Fit-for-55-Paquet“ nach emol konsequent verschäerft ginn. Et handelt sech notament ëm zwou Direktiven an zwee Reglementer, op déi ech duerno nach méi am Detail wäert agoen.

Mir kruten awer notament och Avice vum Syvicol, vun der Chambre des Salariés, vun der Chambre de Commerce an natierlech och dem Staatsrot. Am Fong hätt dat heite Gesetz scho misse fir den 31. Dezember 2023 ëmgesat ginn. Mee, wéi sech dat gehéiert, hu mer natierlech misse op déi verschidden Avice waarden, fir och do d'Saache mat anzebauen. Ech kann Iech awer berouegen, dass mir mat deem Vott haut labber am joëchte Véierel vun deene Länner sinn, déi dat doten elo schonn ëmsetzen, dat heescht, mir sinn do awer nach gutt an der Zäit.

An eiser Kommissiounssëtzung Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit gouf deen heiten Text de 7. Februar à l'unanimité ugehoill an dofir wollt ech hei och nach eng Kéier de Kolleeginnen an de Kolléeg ganz häerzlech Merci soen.

Fänke mer u mat der Direktiv 2023/958: Déi betrëfft den ziville Loftverkéier, wou duerch dës Modifikatiounen elo déi gratis Certificate vun 2024 bis 2025 no an no auslaffe gelooss ginn, fir dann am Joer 2026 integral gehandelt an dann och bezuelt mussen ze ginn.

Zousätzlech soll dann och nach eis Aviatioun elo graduell méi nohalte ginn, an dat, andeems verstärkt sougenannt „syntheetesch Carburanten“ och méi sollen agesat ginn. Dat gëtt

heiduerch encouragéiert, an dat ass wichteg. Obwuel d'Aviatioun – dat soe verschidde Leit – nëmme knapps 3 % vun de globalen Emissiounen ausmécht, ass et trotzdem wichteg, dat ze maachen, well den Trend ass ganz kloer: Et gëtt ëmmer méi geflunn, an all 15 Joer, kann ee soen, verduebelt sech de Loftverkéier, an do gëllt et, och elo schonn dee richtegen Hiewel unzesetze fir d'Zukunft.

D'Changementer, déi duerch dës Direktiv 2023/259 (veuiliez lire: 2023/959) an duerch d'Reglement 2023/257 (veuiliez lire: 2023/957) un eiselem Klimagesetz musse gemaach ginn, betreffen dann och d'Abzéie vum Schëfftransport an eis Klimaefforten. Och dat ass wichteg, well d'Schëfffaart steet weltwäit fir ronn 4 % vun de klimaschädlechen Emissiounen an duerch dës Changeement wäerten dann och d'Produkten an eise Regaler no an no e besseren CO₂-Foussofdrock hunn, an, ech mengen, dat ass eppes, wat jiddereen ënnerschreiw kann.

Zudeem kënnen mer awer och soen, dass eis Produkter dann och méi konkurrenzfähig ginn zu Produkter, déi am Moment aus – ech soen elo – Latänamerika, China oder och anere Länner importéiert ginn. Och bei der Konkurrenzfähigkeit ass et, mengen ech, wichteg, dass mer eise Betriber hëllefen.

Huet dat elo mëttelfristeg een Impakt op de Präis vun importéierte Gidder? Ech mengen, dat kënnen mer net ausschléissen. Mee mir mussen awer och ganz kloer soen: Wa mer elo näischt maachen, ass de Präis, dee mer ze bezuelen hunn, a long terme e vill méi héijen, an dofir ass et wichteg, dass mer dat heite maachen!

Duerch déi selwecht Direktiv, déi ech elo genannt hunn, wäert awer och en europäeschen CO₂-Präis agefouert ginn. Wéi Dir wësst, hu mer schonn en CO₂-Präis, zum Beispill an der Industrie oder och am Energiesektor. Dat gëtt awer elo och nach ausgeweit op d'Hëtze vu Gebaier an och zum Beispill de Verkéier. Wichteg ze soen an deem Kontext, ass natierlech, dass mir den CO₂-Präis bei eis zu Lëtzebuerg elo schonn hunn, contrairement zu anere Länner, an et kënn also näischt Zousätzlech doduerjer op eis Bierger zou. An, ech mengen, et muss kee sech Suerge maachen, dass duerch dës Gesetzgebung bei eis am Land a punkto Gebaier an Transport eppes méi deier géif ginn – just duerch déi heite Gesetzgebung.

An déi lescht grouss Modifikatioun un eiselem Klimagesetz betrëfft natierlech och d'Ëmsetzung vum Reglement 2023/256 (veuiliez lire: 2023/956) an dat ass dee sougenannten „CO₂-Ausgleichsmechanismus un eisen Aussegrenzen“, deen elo soll agefouert ginn. De sougenannte „Carbon Border Adjustment Mechanism“ gesäit vir, dass bei Importer vu Produkter aus Drëttlänner wéi Stol, Aluminium an anere Gidder, déi ënnert den EU-ETS-System falen, an Zukunft och de geltenden EU-CO₂-Präis un der Grenz muss bezuelt ginn. An dat ass gutt, well duerch dës System ginn op d'mannst op eiselem Bannemaart gläich Konditiounen fir gläich Produkter geschafen, an ech héieren och, dass eis Industrie ganz en faveur vun deem heite System ass an dat begrëisst.

An, ech mengen, et ass awer och wichteg, dass een trotzdem seet: Dat doten ass awer net dat, wat elo eis Produktioun an Europa wäert retten! Mir hu méi Chargen, wéi dat an aneren Drëttlänner ass. An dofir erlaabt mer trotzdem, kuerz d'Kap ze wiesselen a kuerz eng perséinlech Bemierkung ze maachen, déi ech och schonn an der Kommissiounssëtzung gemaach hunn, an zwar: Deen heite System vum CO₂-Ausgleich un eisen Aussegrenzen ass keen Allheilmittel, fir ze verhënnern, dass eis Industrie no an no d'Schlappen an engem internationalen a globale Vergläich verléiert.

A firwat soen ech dat? Ma, well mer feststellen, datt d'Produktionskäschten an der EU méi héich si wéi bei der Konkurrenz an Drëttlänner a well d'Schéier och nach ëmmer weider wäert ausereegoen, an dat wéinst enger ganzer Serie vu Facteuren: Eis Energiepräisser an der Europäescher Unioun si méi héich, eis Aarbechtskraaft ass méi deier. An dann: De Problem vum CO₂-Präis kréie mer natierlech duerch deen hei Mechanismus op d'mannst um Bannemaart ausgeglach, mee wéi ass et mat der Produktioun an der Europäescher Unioun, déi fir den Exportmarché geduecht ass? Wëlle mer déi Produktioun net méi oder si mer bereet, datt eis Industrie do no an no ofwandert?

Dat ass eng Fro, déi ech ganz kloer hei stellen. Ech mengen, dat hätt zur Folleg, datt mer sécher net méi propper Produkter an eise Regaler leien hätten, an natierlech ginn och do Aarbechtsplazen an Knowhow verluer. Ech mengen an ech denken, dass keen heibannen dat wëll.

A wéi kënne mir eis Industrie besser bei der Transitioun zu nohaltege Produktiounsmethoden ënnerstëtzen? Ech denken, hei kéint de Waasserstoff zum Beispill eng grouss Roll spillen, an do musse mer och elo schonn d'Jalone setzen, fir bei der Entwécklung vun der Produktioun, awer och der Konnexioun un e Waasserstoffniveau elo net den Zuch ze verpassen.

A wéi kënne mir kuerzfristeg a mëttelfristeg e besseren Accès op erneierbar a propper Energie kréien? Och dat si Froen, déi mer no dësem heiten Text awer musse beäntweren, an ech mengen, dat sinn eng Rei Froen, wou eis Regierung sech muss asetzen, souwuel op nationalem Niveau wéi op europäeschem Niveau.

Dir Dammen an Dir Hären, dass mir eist Klimagesetz als eent vun deenen éischte Länner un eis Ziler vun 2035 upassen an domat de Fit-for-55 ëmsetzen, mengen ech, weist, dass dës Regierung ganz kloer hannert den europäesche Klimaziler steet an dass mir weiderhin eng Virreiderroll wäerten anhuele, wat d'Ëmsetzung betrëfft. An ech soe bewosst „weiderhin“, well eise Plan national, de sougenannte „PNEC“, gëtt vun der Europäescher Kommissioun als virbildlech agestuuft, kritt do eng ganz gutt Zensur. An ech interpretéieren dat ganz kloer och als Kompliment un déi fréier Ëmweltministesch an hir Aarbecht, déi se gemaach huet.

Ech soen Iech villmools Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen dem Här Rapporteur villmools Merci fir säi mëndlechen a fir säi schrëftleche Rapport.

Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Luc Emering. Här Emering, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Luc Emering (DP) | Merci fir d'Wuert, Här President. Ech mengen, den Här Hansen huet jo elo scho ganz vill technesch Detailer hei präisginn, sou dass ech mech elo net méi wollt doranner verléieren. Mir stëmmen, wéi gesot, haut iwwert dat modifizéiert Klimagesetz vum 15. Dezember 2020 of. An ech mengen, dat ass eng ganz wichteg Saach aus deene Grënn, déi den Här Hansen elo hei genau erkläert huet.

Ech wëll awer och e klenge perséinleche Commentaire dozou maachen. Ech hunn an enger Statistik vun der World Bank nogekuckt, dass hei zu Lëtzebuerg eis Betriber zu 0,1 % responsabel si fir de Gesamt-CO₂-Ausstouss, deen an Europa stattfënn. An ech mengen, do musse mer wierklech oppassen – mir

hunn d'lescht Woch d'Liwwerkettegesetz hei an der Chamber gestëmmt –, dass mer, wéi den Här Hansen elo gesot huet, eis Industrie net auslagere, well mer eeben op deene Standuerter an den Drëttlänner keng Kontroll doriwwer méi hunn.

D'DP begréisst d'Aféierung vun dem CO₂-Grenzausgläich, genau wéi och den Här Hansen et gesot huet, och bekannt als Mécanisme d'ajustement carbone aux frontières, fir déi Phenomeener vum Carbon Leakage an de Grëff ze kréien.

Dann ass eng weider wichteg Saach och, dass de maritime Secteur wéi och d'Aviatioun elo matconsideréiert gëtt. Och wann dat eis elo hei direkt net betrëfft, ass dat awer trotz allem, europawäit gesinn, e Risefacteur, deen onbedéngt muss matagebonne ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Demokratesch Partei ënnerstëtzt eng éiergäizeg Klimapolitick, well mir esou eng liewenswäert Zukunft fir d'Generatiounen vun haut, awer och déi kommend Generatiounen kënnen ofsécheren. Et gëtt keen Zweifel, dass eng Transformatioun néideg ass, an dat am Kader vun enger demokratescher Bedeelegung vun eiser ganzer Gesellschaft. Mir mussen d'sozial Wierkungen an d'Veerdeelungsfroe konsequent ugoen an dëst och diskutéieren, fir dass eebe grad d'Betriber an och déi Leit, déi an de Betriber schaffen, net ze kuerz kommen.

Ech wëll dann och ganz gären op eng Rei Mesüren agoen, déi déi lescht Regierung och schonn en place gesat huet, wa mer iwwert d'Thematik Klimawandel diskutéieren. Ech mengen, et ass gesot ginn: D'CO₂-Steier war e wichteg Instrument, och fir den Tanktourismus e bëssen an de Grëff ze kréien, well mir awer hei ganz villes ugerechent kréien, wou mer net direkt de Pollueur dervu sinn.

Et si weider wichteg Saachen ze nennen, wéi e Klima-Biergerrot et cetera. Ech wëll awer och soen, dass mer am Koalitionsaccord ganz kloer Mesüren heifir drastoen hunn, wéi zum Beispill eng obligatoresch Pflicht, dass op neie Gebaier muss eng Fotovoltaikanlag an Zukunft installéiert ginn, déi de Staat och souguer virfinanzéiert, wann d'Leit déi finanziell Mëttel net hunn. Wat och ganz wichteg ass: dass mer eng nohaltege Sozialpolitick bedriewen.

Ech mengen, wat och ganz wichteg ze soen ass – den Här Roth, dee war virdrun hei –: dass mer am Budget, wéi Der e jo all kënnt gesinn, weider massiv – massiv! – Investitiounen an der energeetescher Transitioun virgesinn. Fir d'Ëmsetzung vum nationale Klima- an Energieplang sinn net manner wéi 2,5 Milliarden Euro virgesinn. An deenen zwee nächste Jore wäert do nach dee Chiffer kënnen no uewen ugepasst ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stinn op jidde Fall als DP hannert dësem Gesetzesprojet a mir stinn och hannert der Klimapolitick vun der Regierung. Mam Klimagesetz vun 2020 hate mer e staarkt Fundament kreéiert, wat elo mat dësem Text nach verstärkt a méi effikass gemaach gëtt.

Ech soen Iech alleguerte Merci fir d'Nolauschten. Dat esou och dem Rapporteur, dem Christophe Hansen, villmools Merci fir dee Rapport, souwuel dee schrëftleche wéi dee mëndlechen, a ginn heimat vun der Demokratescher Partei, vun eiser Fraktioun, den Accord.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Emering. Dann ass elo d'Wuert fir d'Madamm Claire Delcourt. Madamm Delcourt.

Mme Claire Delcourt (LSAP) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, hei geet et zum gréissten Deel ëm Upassungen, déi op EU-Direktiven an EU-Reglementer zrëckzeféiere sinn an domat och wéineg Ulass zu enger kontroverser Diskussioun ginn. D'LSAP ass och mat deene punktuellen Adaptatiounen souwäit d'accord. Ech wëll hei awer kuerz op e puer Punkten agoen, déi fir d'LSAP an dësem Kontext wichteg sinn.

Generell ass et jo esou, dass den Emissiounshandel adaptéiert gëtt un d'Zilsetzungen am Klimaschutz an un d'Trajectoire, déi et soll erlaben, d'Emissiounen vun Zäregase bis 2030 ëm 55 % par rapport zu 1990 ze reduzéieren a bis 2050 d'Klimaneutralitéit ze erreechen. D'LSAP steet zu dësen Ziler a begréisst et deemno, dass ëmmer méi relevant Secteuren an den Emissiounshandelssystem agebonne ginn, wann dat et erlaabt, Investitiounen dohinzesteieren, wou se am effikassen zu der néideger Transitioun bäidroen.

D'Entreprise mussen engersäits Ënnerstëtzung an Ureizer ugebuede kréien, fir an déi beschtméiglech Technologien ze investéieren, an anerersäits e kloert Signal kréien, dass si u Kompetitivitéit verléieren, wa si dat net maachen. Hei hat och de Franz Fayot e Gesetzesprojet, den 8314, mat der vieregter Regierung op den Instanzewee bruecht, respektiv am iwwert d'europäesch Guidelines, wou d'Betriber am Fong e bësse méi intensiv Aidë kréien, wa se zu der Dekarbonisatioun bäidroen. An dat begrëssen ech op dëser Plaz natierlech och.

Den Transportsecteur spillt do och eng ganz grouss Roll. Et ass wichteg, dass de maritime Secteur agebonne gëtt. A mir begrëssen et och, dass an Zukunft beim Fluchverkéier net nëmmen d'CO₂-Emissiounen gekuckt ginn, mee och d'Kondenssträifen, déi och weesentlech zur Erwärmung bäidroen.

Här President, d'Reduktioun vun de gratis Emissionsrechter an den Drock, fir innerhalb vun e puer Joer technesch op e ganz aneren Niveau ze kommen, stellen eng enorm Erausforderung fir d'Betriber duer. Dat gëllt selbsterständlech net nëmme fir d'Loft- an d'Schëfffaart. Domat sinn héich Käschte verbonnen. Déi Entrepreneuren, deenen et geléngt, sech ze adaptéieren, wäerten an der Zukunft besser Iwwerlebensschancen hunn.

Allerdéngs däerfen dës Efforten net torpedéiert gi vun enger Auslagerung vun energieintensiven Aktivitéiten an Drëttstaaten, déi net un déi selwecht Obligatiounen gebonne sinn. D'Mesüren, fir de sougenannte „Carbon Leakage“ ze verhënneren, sinn immens wichteg. Mir beginn eis politesch domat awer erëm méi an d'Richtung vu Protektionismus an Handelsbarriären, wat fir d'EU e Paradigmewissel bedeit.

Oppe Grenzen, de fräie Persounen- a Wuerenhandel a weltwäit Handelsaccorden, déi Barriäre reduzéieren, gehéieren zu de grousser Prinzippien, op deenen de Wirtschaftswuesstum an de Wuelstand an der Europäescher Unioun berouen. D'Fërdere vum bëllege Transport a vum Ausbau vun Transportinfrastrukture waren ëmmer e wichteg Bestanddeel vun der EU-Politick.

Dat bréngt vill Virdeeler, schaaft awer och Ofhängegkeeten, déi mir an de leschte Jore besonnesch ze spiere kruten. Am Kontext vun der Pandemie ass et erëm méi wichteg ginn, dass mir innerhalb vun der EU wäitgeënd autark sinn, wann et ëm d'Produktioun vun essenzielle Gidder geet. Kuerz Transportweeër a lokalen Handel kréien erëm méi Bedeitung. An de kommende Jore wäert do also en neien Equilibre musse fonnt ginn, dee Konsequenze fir eis ganz Gesellschaft huet.

Eng vun de Konsequenze wäert sinn, dass generell d'Präisser fir vill Konsumgiddern an d'Luucht ginn. Dat riskéiert zu ganz seriöse soziale Problemer ze féieren, wann d'Politik net géigesteiert. D'Justice climatique, de sozialen Ausgleich fir ëmmer méi contrainant Klimaschutzmesüuren an d'Solidaritéit an der Gesellschaft sinn dofir an den Ae vun der LSAP eng Grundvoraussetzung, fir dass d'Klimaschutzziler kënnen erreecht ginn. Och Leit mat klenger Revenue sollten hiert Haus kënnen energieatesch sanéieren.

D'Erausforderungen, virun déi eis de Klimawandel stellt, ginn awer wäit doriwwer eraus. Mir wäerte méi ewéi jee muss kampfe fir en Europa, dat op Wärter baséiert. En Europa, dat d'Allgemengwuel iwwert d'ekonomesch Interessie vun enger Minoritéit stellt. Eng Politik, fir déi de Kampf géint Inegalitéiten an Aarmut Prioritéit huet. Nëmme esou wäert de laangfristige soziale Friden an der Europäescher Unioun kënnen garantéiert ginn.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen der Madamm Claire Delcourt Merci. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Jeff Engelen. Här Engelen.

M. Jeff Engelen (ADR) | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, fir unzefänken – soss vergiessen ech et – dem Här Christophe Hansen en häreliche Merci fir säi schréfflechen a mündlechen Rapport.

Den Ëmwelt- a Klimaschutz ass natierlech eppes, wat all d'Partei matdroen. Als ADR wëlle mir awer dese Sujet méi pragmatesch ugoen. Mir wëllen ofweien, wéi eng Mesüre wierklech hëllefbräich si fir de Klimaan Naturschutz. Eiser Industrie- an Handelspolitik wëlle mer keng onnéideg Oplagen opzwéngen, déi d'wirtschaftlech Entwécklung bremsen. Mir hu jo rezent gesi bei eise Baueren, zu wat dat kéint féieren.

Mir all wëssen, datt och déi europäesch Wirtschaft de Moment mat engem ganz onstabilen Ëmfeld konfrontéiert ass. Mir bleiwen do oppen, och wat déi nei Technologien ugeet. Den Ëmweltschutz wéi och de Schutz vun eise Ressourcë leien eis um Häerz an dat ass eppes, wat all rasonabele Mënsch kéint ënnerstëtzen.

Mee wat wierklech geféierlech ass fir eis Gesellschaft, ass, eng radikal Wend ze maachen, ouni vill nozedenen iwwert déi wirtschaftlech a sozial Konsequenzen. An och dat muss mer am A behalen, dat ass fir ons wichteg!

De mënschegemaachten Afloss op de Klimawandel gëllt et selbstverständlech ze kontrolléieren an ze bremsen. Mir müssen oppassen, datt mer déi ganz Diskussioun mat der néideger Sachlechkeet ugin. Mir müssen eis kënnen op geséichert wëssenschaftlech Erkenntnisser verlossen. Mir wëssen all net, wat fir eng Technologie sech wäert an Zukunft als gutt oder schlecht erweisen. Fir eis als pragmatesch Partei ass dat Wichtigst, wéi ee kann elo realistesch eppes maachen. Als klengt Land soll a muss een och säin Deel derzou bäidroen.

An deem Kontext muss een och soen: Mir haten déi lescht zeg Joren e stramme Wuesstum hei am Land. Dat war och net glécklech an dat stellt eis viru grouss Problemer a ville Beräicher. Esou wäit emol eng generell Iwwerleung.

Elo erliewer zu deem Volet, deen eis haut méi beschäftegt, an dat sinn de Fluchverkier an d'Schëfffaart. Hei muss een och wëssen, datt mer als EU eis an d'Ofhängegkeet eramanövréiert hunn, wat d'Importer aus sougenannten „Drëttlänner“ betrëfft. Dat

hu mer jo och dättelech gesi bei der Coronakris. Dat ass e Fakt, deen een net esou séier behiewe kann, net vun haut op muer, wéi mir ons dat wënschen. A wa mer den Import net méi hunn, da gëtt et schwéier. Mir hunn dat scho bei enger Rei Saachen déi lescht Joren erlieft.

Et muss een och wëssen, datt d'Energieversuergung an der EU dee gréisste Problem ass. Et muss een och wëssen, datt déi héich CO₂-Taxen, déi d'Industrie an Europa ze bezuelen huet ..., da si mer net méi konkurrenzféeg mam Rescht vun der Welt, wann dat do net geschitt. A sou wéi et de Moment ausgesäit, dierft dat net esou séier antreffen. Duerfir muss mer oppassen, datt mer deen Aascht, op deem mer setzen, net selwer ofschneiden. Dat ass deelweis deen Däiwelskrees, wou mer eis dra beweegen.

Elo féiere mer eng CO₂-Tax an op europäeschem Niveau, wat d'Loftfaart an d'Schëfffaart betrëfft, mat der Hoffnung, hei eng Reduktioun vun den Emissiounen erbäizeféieren, dat am Zäitrame vu ronn zéng Joer.

Do hu mer awer zwee Beräicher, wou mer Bedenken hunn: Déi komplett Loftfaart kritt sech net esou séier ëmgestallt, wéi mer ons dat all heibanne wënschen. Fir unzefänken: D'Ëmstellung op méi ëmweltfrëndlech Energiequellen dierft an der Loftfaart ganz schwier ginn. Do ass, wat d'Biofuels betrëfft, d'Entwécklung nach am Ufanksstadium. Ob mer déi elo schonns bäigemëscht hunn oder net, ass mir net bekannt.

Op der anerer Säit: Fir an der Loftfaart eng komplett Flott ëmstellen, brauch een op d'mannst 20 bis 30 Joer. Wann een eenzel Fligere géif verkafen, kommen déi an anere Länner op der Welt an den Asaz an domadder ass dem Klima weltwäit gekuckt net gedéngt. Dobäi hunn eenzel Fliegerconstructeurs Schwierigkeete mat de Finanzen an dem Liwwerpotenzial.

An zweetes bréngt dës Aféierung vun enger CO₂-Tax och eng Verdeierung vun de Wuere mat sech, wou mer ee groussen Deel dréngend brauchen, well déi an Europa net ze fanne sinn oder well mer déi mat de Joerzéngten ausgelagert hunn. An dat betrëfft haapt-sächlech déi Äermst vun eiser Gesellschaft, dat sinn der jo, wéi mer all wëssen, net weineg.

Dat schreift och d'Chambre des Salariés an hirem Avis, an ech zitieren hei d'Chambre des Salariés: „Tandis que l'impact régressif de la taxe carbone nationale est partiellement compensé grâce à un crédit d'impôt ciblé, nous tenons à souligner que la hausse conséquente du prix de vente de la mise aux enchères des quotas SEQE provoque un impact régressif similaire qui touche de manière disproportionnée les ménages moins aisés.“ Ech mengen, dat soll een net ausser Uecht loossen. „Toutefois, aucune mesure sociale compensatoire n'est prévue à ce stade.“

Des Weidere schreibe si am Artikel 70: „Or, vu la hausse considérable du prix par tonne d'émissions et prise en compte des nombreuses modifications adoptées récemment au niveau européen qui risquent d'avoir en effet haussier sur le prix futur, nous demandons que le Gouvernement lance une analyse de l'effet régressif de la hausse du prix du carbone dans le cadre du SEQE sur le pouvoir d'achat des ménages vulnérables et introduise des mesures sociales compensatoires pour contrecarrer ce phénomène injuste.“

Dobäi muss ee feststellen, datt d'Einname vu Lëtzebuerg aus dem Europäesche Sozialfong aus dem Beräich Klima ganz begrenzt sinn. An op der anerer Säit dierft, wa mer op dee Wee gi wun Ausgläich, all dës eng Staang Geld kaschten, zwar eréischt no enger Rei vu Joren, mee ob mer dat Geld dann

hunn, dat ass eng aner Fro. Dorobber muss een nach zrëckkommen.

Doduerch ass d'Zukunft vun eisem Land ganz fragill an et muss ee sech froen, ob mer dat packen. Duerfir wäerte mir deem Gesetz net kënnen eis Zoustëmmung ginn. Mir sinn zwar net géint d'Erofsetze vum CO₂, mee déi Begleetmesüuren, déi loossen awer vill ze wënschen iwweg an déi ginn eis keng Satisfaktioun.

An dee leschte Punkt, deen een net soll ausser Uecht loossen: Dat bréngt och Nodeeler mat sech, wat d'Konkurrenzféegkeet vun eise Betriber baussent der EU ubelaant. Mir géifen an deem Sënn e méi rationale Wee aschloen. Sou wéi et och an eisem Walprogramm steet, géife mer éischer do usetzen, wou haut eng massiv Klimaverschmutzung an der Welt virzefannen ass. Dës Länner solle mer a Form vu wirtschaftlecher Zesummenaarbecht derbäi ënnerstëtzen, op méi klimafrëndlech Technologien ëmzeklappen. Mir si jo an deem Sënn mat enger Problematik konfrontéiert, déi net bei de Länner an och net bei de Kontinenter ophält. An deem Sënn géife mer de Problem als Ganzes upaken.

An ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Engelen. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass d'Madamm Joëlle Welfring. Madamm Welfring, Dir hutt d'Wuert.

Mme Joëlle Welfring (déi gréng) | Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, mam Text, iwwert dee mer haut ofstëmme, passe mer den Handel mat Emissiounszertifikater un. Dës, fir dem Eropsetze vun de Klimaziler weltwäit an an der EU Rechnung ze droen, fir industriell Aktivitéite besser virun onfairer Konkurrenz ze schützen a schliesselech fir d'Reegelerwierk op nei Secteuren auszeweien.

A menger Funktioun als Ministesch hat ech d'Éier, net nëmmen um europäesche Plang un deene betreffenden Texter matzeschaffen, mee och se heiheim an e Projet de loi ëmzesetzen, deen am Oktober d'lescht Joer deposéiert gouf.

Dës Texter sinn, zesumme mat deem gesamte Wierk vum europäesche Fit-for-55-Pak, e gutt Beispill fir e Resultat vun engem laangjäregen Asaz vun de progressiven Kräfte an Europa, ouni déi mir elo keen esou kloren an effikasse Kader hätten, fir d'Mënsche virun Extreemwieder ze schützen a fir eis ewech vun der Ofhängegkeet vun de knaschtegen Energien hin zu enger fortschrëttlecher an inklusiver Gesellschaft ze entwéckelen. Et weist, dass mir zesummen als EU de Wee zur Klimaneutralitéit konsequent ugin, ouni dobäi de sozialen Ausgleich aus dem Bléck ze verléieren, an domat och Moossstief fir d'Ëmsetzung vun der Klimapolitik weltwäit setzen.

Lëtzebuerg huet an all dese Joren net drop gewaart, dass den europäesche Kader sech festegt, iert heiheim geschafft gouf, mee mir hunn heiheim proaktiv wichteg Piliere ëmgesat – zum Beispill d'Klimagesetz vum Dezember 2020 mat chiffréierten Ziler – a Lëtzebuerg war eng Zuchkraaft, souwuel an Europa wéi och um internationale Plang, zum Beispill am Kader vun der Ausschaffung vum Paräisser Klimaaccord 2015.

Och wann een heiansdo den Androck kéint kréien, dass de Klimaschutz aktuell net onbedéngt zu deene beléiftsten Theeme gehéiert – e Phenomeen, dat laut engem rezenten Artikel am „Wort“ op eng Zort, an ech zitieren, „Klima-Bashing“ EU-wäit vun de Parteien, an ech zitieren nees, „riets aussen“ zrëckzeféieren ass, e Muster, dat een ëmmer méi kloer erkennt –, trotz oder grad weinst dës Situatioun

hu mer grad elo eng gemeinsam Verantwortung, fir dësen Asaz weiderzeféieren.

D'Drénglechkeet vum Klimaschutz hëlt net of, mee ganz au contraire: Et vergeet quasi kee Mount, ouni dass d'Spezialisten aus der Wëssenschaft weltwäit eis drop opmierksam maachen, dass nees en neien Temperaturrekord geknackt gouf. Just als Beispill: Meteolux huet virun enger Woch gemellt, dass de Mount Februar vun dësem Joer dee wärmste säit dem Ufank vun den Opzeechnungen ass. An dat ass just ee Phenomeen nieft villen anere Laangzäitphenomeener, déi kloer ze erkennen, voire ze spiere sinn.

An de Beräicher Ëmwelt a Klimaschutz goufen iwwert d'Joren ëmmer nees nei Weeër ausprobiert, fir déi wirtschaftlech Aktivitéiten an d'Kompetitivitéit vun europäesche Betriber engersäits laangfristeg ze stäerken an anerersäits hir Aktivitéiten an Aklang ze bréngen mat eise limitéierte Ressourcë respektiv mam Schutz vun eise kollektive Gidder wéi propperer Loft, gesonder Natur oder engem funktionéierende Klima.

Iwwert d'Joren hu sech, vereinfacht ausgedréckt, dräi grouss Kategorië vu Mechanismen als effikass erauskristalliséiert, déi ausserdem komplementär zueene sinn: Nieft fräiwëllegen Ureizer wéi Sensibilisatioun, Guidelines, Labeling, Zertifikatiounen oder finanziellen Ënnerstëtzungen, déi richteg Handel erméiglechen, ervirhiewen a belounen, gëtt et a ville Beräicher Encadrementer duerch technesch Reegele wéi sektoriell Reglementatiounen a Geneemegungen – déi sougenannte „Command-and-Control-Anproche“ –, déi genee festleeën, wéi soll geschafft ginn, a schliesslech och maartbaséiert Methode wéi zum Beispill Taxatiounen oder Handel mat Emissiounszertifikater.

Deen Text, iwwert dee mer haut elo ofstëmmen, ass e gutt Beispill fir dës drëtt Kategorie vu Mechanismen an also e weidert wichtegt Puzzlestéck an engem grousser Kader. Et geet heimat drëms, dat bestoend Maartinstrument, den Emissiounshandel, dee sech an all de Joren als wichtegen Outil bewäert huet, ze erweideren, fir de kommerzielle Lofttransport méi klimafreundlech ze maachen duerch e progressivt Erofsetze vun de Gratisquoten an d'Iwwerwaache vu weidere Loftemissioune, déi d'Effekter op de Klimawandel nowieslech verstärken, fir och de Schëfftransport an den ETS opzehuelen a soumat déi domat verbonnen Emissiounen progressiv ze reduzéieren, an och fir de bestoenden ETS unzepassen an och hei d'Veerdeele vu Gratisquoten etapeweis auslafen ze loosse.

Zousätzlech soll en CO₂-Grenzausgläichsmechanismus schréttweis agefouert ginn, wat eng laangjäreg Demande vun der europäescher Industrie war an deem, wéi schonn oft gesot ginn ass, déi europäesch Hiersteller aus bestëmmte Secteuren wéi Zement- a Stahlerstellung soll schützen virun onfairer an net klimaregulierter Konkurrenz duerch Importer aus Net-EU-Länner.

E weidert Element, dat mir um Härz louch, war, fir bei dëser Geleeënheet och eng Verlängerung vum Delai fir d'effentlech Befragung zum nationalen Energie- a Klimaplang vun engem Mount op zwee Méint mat an den Text eranzubréngen, soudass d'Leit heime déi néideg Zäit kréien, fir sech dës Plang unzékucken, fir sech eng Meenung dozou ze bilden. Heimadder passe mer d'Gesetz opgrond vun aktuellen Erfahrungen an d'Realitéit un, ganz genau wéi mer dat ganz pragmatisch och an anere Beräicher scho gemaach hunn, notament am Naturschutzgesetz oder am Kader vum Kommodosgesetz.

Ofschléissend war et mer och en Uleies, fir dem Observatoire de la politique climatique, also deem Gremium vu Wëssenschaftler/innen, déi eng wichteg

Roll spillen an der Bewäertung vun der nationaler Klimapolitik, och am Gesetzestext selwer dee richteg Stellwäert ze ginn, dëst am Kader vum Informationsaustausch ronderëm den Energie- a Klimaplang.

Déi bestoend Klimaschutztexter mussen awer an den nächste Méint mat enger weiderer Etapp an d'Lëtzebuergescht Recht weider ëmgesat ginn, nämlech de sougenannten „ETS 2“, e System, deem eis de Kader gëtt, fir d'Kueststoffpollutioun och aus de Beräicher Stroossentransport an Heize weider ze reduzéieren. Dës stelle bis zu 80 % vun den nationalen Emissiounen duer. Et geet also net ëm näischt.

Déi gutt Noriicht ass, dass mer och hei als Land net ofgewart hunn, mee dass mer an der viregter Regierung mat eiser aktueller CO₂-Tax, kombinéiert mat sozialer Kompensatiounsmesur wéi der Erhéijung vun der Allocation de vie chère oder der Hausse vum Steierkredit, deem automatesch un déi Stéit geet, déi dëst am meeschte brauchen, scho virgeschafft hunn. Mir hunn also elo schonn e System, deem e sozialen Ausgleich mat agebaut huet, eppes, wat déi weinegst europäesch Länner bis elo schonn esou en place hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Krisen hunn déi iergerlech Eegeschafte, net nëmmen zu e puer gläichzäitig opzetauchen, mee och net einfach ze verschwannen oder manner urgent ze ginn, wann ee méi laang mat konkreten Aktiounen waart, och net wann een dobäi „onverkrampt“ bleift. A si waarden och net héiflech drop, bis et un hirem Tour ass, fir da „ganz entspaant“ eng no där anerer geléist ze ginn.

D'Realitéit ass komplex a mir hunn d'Verantwortung, séier an integréiert Léisungen ze sichen a virun allem och ëmzesetzen. D'Krisen, an domat och d'Klimakris, sinn awer zum Gléck och keng Fatalitéit. Dee sechsten IPCC-Rapport weist eis, a wéi enge Beräicher et sech besonnesch lount ze investéieren, well d'Investitiounen käschteneffizient sinn, eis hëllefen, d'Emissiounen weltwäit an de Grëff ze kréien a gläichzäitig eis Liewensqualitéit ze verbesseren.

Dozou gehéieren, an dat ass net ganz iwwerraschend, Investissementer an erneierbar Energien – an der Haaptsaach Solar a Wind –, energiespuerend Belichtung an effentlechen Transport, mee och effizient Schëffaart an Aviatioun a ferner och Energieeffizienz an den Ersatz vu Brennstoffen an der Industrie. Déi lescht sinn allerdéngs méi deier wéi déi eischt an der Opzielung.

Dëst alles geschitt awer net vum selwen a virun allem och net an der néideger Vitesse. Dofir brauchen mer e ganz previsible nationale an internationale Kader, deem d'Viraussetzung schaaft, fir déi néideg Investitiounen an déi richteg Richtung ze orientéieren, an déi Betriber, déi kleng an déi grouss, ënnerstëtzt, fir dass och si déi néideg Investitiounen an d'Zukunft maachen. Dat alles war a muss weiderhin eng Prioritéit fir eist Land bleiwen, well Klimaschutz a Kompetitivitéit si kee Widdersproch, mee eng Chance!

An, Här President, et gesäit een och laut enger rezenter Ëmfro, déi bei 15.000 Awunner an Europa gemaach gouf, dass eng grouss Majoritéit vun de Leit dat genauou gesäit. A well déi gréng dat eeben och esou gesinn, wäerte mir dës Gesetzesprojet matstëmmen.

Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Welfring. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Ben Polidori. Här Polidori.

M. Ben Polidori (Piraten) | Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, et gëtt onsem Planéit ze waarm. Mir wëssen et. Mir wëssen, dass d'Ärderwärmung e gewaltege Problem fir Mënsch, Déier an Natur duerstelt. A leider wësse mir och, dass bis elo net genuch gemaach gouf, fir dee Prozess ze stoppen. Et ginn ze vill Dreifhausgaser ausgestouss an dat schuet eisem Klima. All Effort, fir d'Emissiounen ze senken, ass dofir en dréngend noutwendeg Schrëtt an déi richteg Richtung.

An dofir ënnerstëtze mir Piraten natierlech och de virleiende Projet fir d'Uppassung vun eisem Klimagesetz un déi europäesch Direktiven a Reglementer. D'Gebai, de Fluchverkéier an de Secteur maritime an déi grenzüberschreidend Wuerenherstellung an hire Verkaf si wichteg Emissiounssecteuren.

Dofir sinn déi europäesch Beméiungen ganz wichtig, fir d'Zärgasen ze reduzéieren a gläichzäitig och de sougenannte „Carbon Leakage“ ze verhënneren, also d'Ofwandere vu Firmen a Länner ausserhalb vun der EU, déi keng oder eng geréng CO₂-Steier beziungsweis e gënschtegen Emissiounsmarché hunn. Et ass och wichtig, dass den Emissiounshandel enger effikasser Kontroll mat Sanktionsméiglechkeeten ënnerläit.

An natierlech begrësse mir och, dass den Delai fir d'Enquête publique iwwert den Avant-projet vum PNEC op zwee Méint verlängert soll ginn. Fir eis Piraten ass den Ausbau vun de Participatiounsmeiglechkeete schliesslech ëmmer e Gewinn.

Mee och wa mir am virleiende Gesetzesprojet vill positiv Punkte fanne kënnen, sou muss mir awer och soen, dass d'Gesetz wuel net kuerzfristeg, mee just laangfristeg en Impakt op d'Klima wäert hunn. Et gëtt vill Iwwergangszäiten an och Lëtzebuerg wäert bis 2026 beziungsweis souguer bis 2030 jo bei senger nationaler CO₂-Steier bleiwen, amplaz den europäesche System ze iwwerhuelen.

An da bleift jo och nach de Problem, dass de Klimawandel e globale Problem ass an déi hei genannten Direktiven a Reglementer natierlech keng global Gültigkeet hunn. Et ass e gewaltege Schrëtt, dass all d'Länner aus der EU sech op dës Reegelen eenegen konnten, mee d'Klima kennt eeben keng Lännergrenzen – och net d'EU-Baussegrenz.

Ausserhalb vun der EU wäerte weiderhi fir vill méi bëllegt Geld Emissiounen ausgestouss ginn. Dat ass e Problem fir eist Klima an dat kann och e Problem fir déi europäesch Exportindustrie ginn. Fir europäesch Produiten an am Ausland produzéiert Wueren, déi an der EU verkaf ginn, mussen Emissiounszertifikater kaf ginn – fir auslännesch Produiten, déi am Ausland bleiwen, awer net.

Uni d'Emissiounszertifikater ass d'Produktioun natierlech méi bëlleg, mee eeben och méi knaschteg. Fir europäesch Exportateuren kéint dat en Nodeel am Weltmarché sinn an dofir ass et wichtig, dass de Problem vun Klimawandel international ugaange gëtt. E globale Problem brauch eng global Äntwert!

Anerefalls verdränge mir den Zärgasausstouss just vun enger Regioun vun der Welt an déi aner, während d'Emissiounen insgesamt awer gläich bleiwen. Dann hu mir fir d'Klima iwwerhaupt guer näischt gewonnen. Jidderee muss säi Bäitrag leeschten an dat heescht och, dass jidderee muss esou vill leeschten, wéi e kann.

An enger gerechter Gesellschaft kann et net sinn, dass een, dee vill huet, vill Dreck ka maachen, just well e sech d'Taxen an d'Certificaten ouni Problem leeschte kann, während en aneren net weess, wéi en op seng Nuetschicht komme soll, well e sech de

Bensinn fir säin Auto net méi leeschte kann an och nach a sengem Duerf keen Nuetsbus fiert. D'Klimaschutzmesüre muss sozial gerecht kompenséiert ginn.

Den Här Engelen huet et och schonn ugeschwat: den Deel vun der Chambre de Commerce. Der Chambre de Commerce no kéinten d'Mesüeren aus dësem Gesetz de Schëffsverkéier bis 2026 8,3 Milliarde kaschten. An dat wäert ee warscheinlech och um Niveau vun de Wuerepräisser, déi mam Schëff importéiert ginn, spieren. Dofir ass et wichteg, dass dru geduecht gëtt, d'Präisverännerunge fir Haushalter mat klengem Akommes ofzefiederden. Jiddereen ass am Kampf géint de Klimawandel gefrot, mee déi mat klengem Akommes dierfen net méi gestrooft gi wéi all déi aner.

Insgesamt wëlte mir Piraten jo eigentlech, dass beim Klimaschutz iwwerhaupt net mat finanzielle Bestrafungen, mee am Géigendeel mat positiven Ureizer geschafft géif ginn. Dofir setze mir eis jo och scho fir e Klimabonus an eng Upassung vun der CO₂-Steier an. Jidderee soll pro Mount eng staatlech Direkthëllef iwwerwise kréien. Wien domat klimafreundlech Produite keeft mat wéineg Taxen, wäert Sue Rescht behalen, wie klimaschiedlech Produite keeft mat héijen Taxen, verléiert säi Klimabonus.

Well mir awer wëssen, dass dës Iddi aktuell net um Dësch läit an de Klimawandel zäitno Aktiounen brauch, stëmme mir natierlech och dem System vum Emissionunshandel zu. Domadder ginn ech och mäin Accord vun de Piraten an ech soen Iech Merci d'Nolauschteren.

M. Marc Goergen (Piraten) | Ganz gutt!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Polidori. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den Här David Wagner.

M. David Wagner (déi Lénk) | Merci, Här President. D'Klimagesetz ass a bleift en Tiger ouni Zänn. Prinzipiell fanne mir et zwar richtig, dass d'Klimapolitik iwwert e Kadergesetz gereegelt soll sinn, dat Ziler an Instrumenter festhält. Et feelt eis awer eng Verbindlechkeet bei de sektorielle Klimaziler, déi d'Regierung och daitlech géif engagéieren.

Mam aktuelle Gesetz an am europäesche Kader ass et jo esou, dass Lëtzebuerg zwar säin allgemengt Klimazil anhale muss, mee doriwwer eraus keng sektoriell Ziler verflüchtend mussen erreecht ginn. Doduerch ass et méiglech, dass dat allgemengt Zil reng iwwer eng zolidd Baisse vun den Emissionen am Transportberäich erreecht gëtt, mee gläichzäitig bei de Gebaier awer nach kee Fortschrëtt ze gesinn ass.

Am Transportberäich ginn d'Reduktiounen an éischter Linn op Decisiounen zréck, déi Lëtzebuerg net selwer beaflosse kann, wéi d'Steierpolitik an den Nopeschlänner oder d'Opkomme vun der Elektromobilitéit an aner technesch Fortschrëtt, déi sech de Privatstot kann deier kaschte looszen.

Bei de Gebaier dogéint läit de Ball bei der nationaler Politik, mee do deet sech awer da séier wéineg. Dat ass ëmsou méi problematesch, well et an deem Beräich ëm wirtschaftlech Substanz geet, ëm Aarbecht an Handwierker, déi gebraucht ginn. Et ass e Beräich, an deem de Leit direkt ka gehollef ginn, wat de Wunnconfort an d'Energiekäschen ugeet. Et ass virun allem awer och eng Prioritéit am Kampf géint d'sozial Ongläichheeten, déi duerch d'Ofhängegkeet vu fossiler Energie beim Hëtze vu Logementen méi grouss ginn. Eis kritesch Grondhaltung géint iwwer dësem Choix vun der viregter Regierung bleift also bestoen.

Bei der Ännerung vum Klimagesetz, iwwert déi mir diskutéieren, geet et ëm en aneren Aspekt. Den

Europäeschen Emissionunshandel, ëm deen et haut an éischter Linn hei geet, ass de Versuch, mat Hëllef vun engem Marché – an domat iwwert de Präis vum CO₂ – Klimaschutz ze bedriewen, an dat virun allem an der Stol-, an der Zement-, an der Chimiesindustrie, an den Elektrowierker a spéider dann elo och an der Aviatioun.

Den Emissionunshandel ass Ausdrock vun der neoliberaler Hysterie ronderëm d'Käschteeffizienz, wou op alles, och op Liewen, e Präis gesat gëtt, deen da souwäit wéi méiglech soll erofgedréckt ginn. Dofir goug et beim Emissionunshandel, mee och bei den CO₂-Steieren drëms, d'Pollutioun als en ekonomesche Käschtepunkt ze gesinn an dëse Käschtepunkt dann ze minimiséieren. D'Resultat dovun ass natierlech net, dass d'Pollutioun an d'CO₂-Emissionen seriö erofgesat gi sinn, mee, wuelverstanen, dass de Käschtepunkt a punkto Klima fir Groussverschmotzer méiglech kleng gehale ginn ass.

A wéi kann een dee Käschtepunkt besser déif halen, wéi mat gratis Pollutiounsrechter? Oder mat esou enger enormer Offer u Pollutiounsrechter fir grouss Betriber, dass se spottbëlleg bleiwen? Bis haut ass de Bilan vun dësem Emissionunshandel a Wierklechkeet dann och ganz schlecht. Iwwer Joerzénge hunn d'EU respektiv d'EU-Memberstaaten de grouss multinationale Konzern a Verschmotzer gratis Verschmotzungsrechter ginn. Deels sinn esouguer vill ze vill Verschmotzungsrechter verdeelt ginn, wat engersäits de Präis op engem lächerlech déiwen Niveau gelooss huet, an anersäits dës Betriber et erméiglecht huet, déi Rechter de facto op e Spuerbuch ze setzen, fir se duerno da gewënnbréngend ze verkaufen, also ze spékuléieren.

Dës System huet also net nom Prinzip vum Pollueur-payeur fonctionéiert, mee nom Prinzip vum Pollueur-profitue. Grouss multinational Industriebetriber hu säfteg Geld domadder verdéngt, kruten nach Kaddoe gemaach, während d'Leit dobausse fir alles hu misse bezuelen an agezügert kréien, dass se klimabewusst liewe sollen: „Mir sollen all un engem Strang zéien, jidderee ka säint bäileen.“ Dat ass a Wierklechkeet eng eidel Phrase an dat ass eng zudéist onpolitesch Phrase, déi eis net widerbréngt.

An och an Zukunft geet dat esou virun. Carbon Market Watch, wat kee superlénke Klub ass – et ass e Thinktank, deen op d'Analyse vum Handel mat Pollutiounsrechter spezialiséiert ass –, seet an enger rezenter Etüd, dass d'Schwéierindustrie bis 2050 engagéiert ass, fir 18 % CO₂-Emissionen anzespieren. Dat läit an éischter Linn dorunner, dass d'Schwéierindustrie an och dësse Reform bis 2030 méi wéi 90 % vun hire Verschmotzungsrechter weiderhi fir näischt kritt. An absoluten Zuelen heescht dat, dass 5 Milliarden esou Rechter, déi 5 Milliarden Tonnen CO₂ entsprechen, fir näischt verdeelt ginn. Schätzungen no wäerten op deem Wee 400 Milliarden Euro fléissen. Esou setzt ee keen Incentive fir Investitiounen an de Klimaschutz!

Et ass ëmsou méi absurd, wann ee bedenkt, dass 50 % vun de gesamten CO₂-Emissionen an der EU vun 30 multinationale Konzern an d'Atmosphär geblose ginn. 50 %, dat ass en décke Batz, un deen ee muss erugeen, wann een d'Klimaverännerung bremse wëll. Et muss ee bei der Produktioun usetzen, un der Wuerzel also, do, wou keen higesäit a wouriwwer ganz wéineg geschwat gëtt, well alles just op de Marché an den Endkonsument kuckt.

Här President, ee vun den Top-5-Verschmotzer an der EU, dat ass ArcelorMittal. ArcelorMittal kritt seng gratis Verschmotzungsrechter direkt vum Lëtzebuurger Staat. Duerch dës gratis Aktionéierung si Lëtzebuerg

iwwert déi lescht 20 Joer Honnerte Milliounen Euro Recetten duerch d'Lappe gaangen. Insgesamt huet ArcelorMittal europawäit eleng am Joer 2022 36,9 Milliounen Tonnen CO₂ ausgestouss an awer 44 Milliounen Pollutiounsrechter kritt – 7 Milliounen ze vill.

Dass et esou vill gratis Pollutiounsrechter gëtt, huet an éischter Linn mam Lobbying vun dëse Firmen ze dinn, déi eng staark Mainmise op den Design vum Emissionunshandel hunn. Se üben Drock aus op Regierungen, schwätze vun Delokaliséierung an d'Regierung maachen dann de Portmonni op. Dofir finanzéieren europäesch Staaten och zum groussen Deel längst iwwerfällg Investitiounen a méi propper Produktiounsweisen, net d'Konzerner selwer, déi wéi ArcelorMittal Milliardenegewënn scheffelen. Dës Gewënn gëtt dann ënner den Aktionären opgedeelt.

Eréischt dës Weekend war an der Zeitung, am „Lëtzebuerger Land“, ze liesen, dass de Conseil d'administration eng Erhéijung vun den Dividenden decidéiert huet, déi un d'Aktionären ausgeschott solle ginn. Dat sinn d'Profiteuren, dat sinn déijéineg, déi doriwwer decidéieren, dass d'Benefisser net a méi propper Technologien investéiert ginn, mee an hir eegen Täsche fléissen.

Elo hätt een natierlech kënne mengen, dass déi gratis Pollutiounsrechter en Enn kréien, soubal den neie Mechanismus a Kraaft trëtt, deen deloyal Konkurrenz iwwert déi méi ëmweltschiedlech Produkter aus Net-EU-Staate soll ënnerbannen. Och dës Mechanismus ass an der Reform dran. Deem ass awer net esou. Et wäert weider gratis Verschmotzungsrechter ginn, anstatt datt direkt domadder opgehele gëtt.

D'Konsequenz riskéiert ze sinn – an esou gesäit et och d'Salariatskummer –, dass d'Präisser klamme fir d'Konsumenten an domat och d'Profitter vun de Betriber an Europa, déi weiderhin net konsequent a klimaschounend Technologien investéieren müssen. Am Endeffekt riskéiere mer all, zweemol ze bezuelen, eemol als Konsument an nach eemol als Steierzueler. A wou ginn d'Suen hin? An d'Täsche vun den Aktionären, natierlech!

Wann een all dës weess, da stellt ee sech natierlech ganz seriö Froen, wann en neien Emissionunshandel fir Gebaier an Transport soll agefouert ginn ab 2027 respektiv 2028. Fir Lëtzebuerg ass dës neie System an enger éischter Phas net obligatoresch, well Lëtzebuerg eng CO₂-Steier huet, déi bis 2026 op 45 Euro d'Tonn klëmmt.

An hei nach emol de Rappel: D'Groussindustrie bezilt oft 0 Euro d'Tonn, ronn 40 % vun den CO₂-Emissionen, déi vum europäeschen Emissionunshandel ofgedeckt sinn, kaschten 0 Euro. Elo gëtt en zweeten Emissionunshandel agefouert, mee deen éischte funktionéiert emol net richtig.

Egal wéi Lëtzebuerg sech schlussendlech hei positionéiere wäert, stellt sech d'Fro, wéi den CO₂-Präis op Brennes a Gas et de Leit erméiglecht, hir Haier ze renovéieren an hir Heizungen ze ersetzen. Just well een d'Präisser eropsetzt fir Pétrol a Gas, heescht dat net, dass op eemol Zéngtausende Stéit Zéngtausenden Euro fannen, fir Neiuschafungen an Investitiounen ze maachen. Esou einfach ass dat net! Do gi vill méi staark ëffentlech Investitiounen néideg, fir op dee Wee ze goen, an dofir muss de Staat natierlech och d'Suen hunn. Déi Honnerte Milliounen, déi déi grouss industriell Verschmotzer, dorënner och d'Airlines, de Staat kaschten, wieren duerfir och e gudden Ufank.

Dofir, Här President, fält et eis u sech net ganz liicht, ze wëssen, ob een derfir stëmmt, ob ee sech enthält oder ob ee souguer dergéint stëmmt. Et ass alles, vun eise Standpunkt hier, bei dësem Projet u sech

méiglech. Den Emissiounshandel – vill Leit gleewen dorunner, wéi un e Feetisch, well dee scho jorelaang amgaangen ass –, e funktionéiert net. Den Emissiounshandel ass net dat Instrument, dat dozou féiert, datt d'Klimaziler weltwäit kënnen erreecht ginn. Bien au contraire, an dofir gëtt e jo permanent reforméiert an et ginn och gratis Pollutiounsrechter ofgeschaaft. Et ass e Péché originel. Et funktionéiert net. E gëtt dann awer e bësse verbessert.

Wat soll een do maachen? Et kann een natierlech derfir stëmmen, andeems ee seet: „Eppes, wat souwiso net gutt funktionéiert, dat huet och ...“ Et sëtzt déif an de Käpp vun de Leit, vu ville Leit, vu villen Decideuren, dran, datt ee mat Marchésinstrumenter Saache kann erreechen, déi gutt si fir d'Mënschheet. Et funktionéiert net. Ech kréien Iech net dovun iwwerzeegt, déi meescht vun Iech, mee Dir wäert gesinn, et funktionéiert net an et ass schonn amgaangen, net ze funktionéieren, wat tragesch ass an deem heite Beispill!

Bon, et kéint een och dergéint stëmmen. Mir wäerten eis éischter enthalten, well et e Fortschritt ass innerhalb vum engem System, deem net funktionéiert huet. Et ass e bëssen d'Tragikomik vun dëser Diskussioun.

Ech soen Iech Merci.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Wagner. Domat wär d'Lëscht vun eisen ageschriwwene Riedner ofgeschloss.

D'Regierung hätt elo d'Wuert. Här Minister.

Prise de position du Gouvernement

M. Serge Wilmes, Ministre de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité | Merci villmools, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, ech wëll fir d'éischt dem Christophe Hansen villmools Merci soe fir dee ganz gudd Rapport, deem hie gemaach huet, an och alleguerten den Intervenante fir hir Contributioun. De Christophe Hansen huet u sech dach am Detail de Gesetzesprojet erkläert an och déi aner Intervenante sinn eng Kéier op déi eenzel Punkten agaangen. Dat brauch ech also net méi am Detail nach eng Kéier ze maachen.

Et ass meng Virgängerin, déi dee Projet de loi hei nach deposéiert hat, an ech mengen, och si ass do-robber agaangen, dass déi Suite dovun ... Mir hunn dat iwwerholl, well mer dat natierlech och mussen ëmsetzen, well d'europäesch Direktiven eis dat jo virschreiwen, d'Reglementer sech souwiso imposéieren, mee och well mer dovun iwwerzeegt sinn, datt et dee richtege Wee ass, fir weiderzecommen, eis ambitiéis Emissiounsreduktiounsziler och ze erreechen, déi europäesch festgehalte sinn an déi mer och national festgehalen hunn.

An net méi spéit wéi muer wäert den Ëmwelt-ministère och den Emissiounsbilan publizéiere fir d'Joer 2022, sou wéi dat iwwert de Règlement grand-ducal virgesinn ass, an do wäert Der gesinn, datt an alle fënnef Secteuren d'Emissiounen erofginn.

Also ass et net richtig, wat den Här Wagner seet: Och an der Industrie sinn d'Emissiounen amgaangen, erofzuegoen. An datt dee System net effikass wier, géif ech awer hei net einfach esou wëlle pauschal stoe loossen, well et ass och ganz kloer, datt och am ETS-System, deem éischten, deem elo existéiert, dee jo haaptsächlech d'Industrie betrëfft, déi gratis Quote wäerten no an no ofgeschaaft ginn, erofgeschrafft ginn. An dann ass et och net richtig, einfach esou pauschal duerstellen, d'Industrie géif keng Efforte maachen.

Eis Industrie mécht ganz vill Efforten, och fir innovativ ze ginn a fir och op Technologien iwwerzuegoen, déi

klimafrëndlech sinn a mir hu jo och e globale Kader, dee ganz kloer de Kader setzt, dee sech um Niveau vun der UNO ofspilt a wou elo och zu Dubai zwar vläicht net, esou wéi d'Europäesch Unioun an aner ganz ambitionéiert Staaten et wollten, eng richtig Sortie vun der fossiller Energie konnt festgehalte ginn, mee wou sech trotzdeem awer 193 Länner – nach eng Kéier als Rappel – eens gi sinn, datt mer progressiv erausklamme wäerten aus de fossillen Energien.

Also lount et sech och net méi, ad aeternum an d'fossill Energien ze investéieren, och wa se nach verfügbar sinn, well deem internationale Kader ganz kloer esou ficeléiert ass, datt et do keen Zréck méi wäert ginn an och déi nächst international Konferenzen no an no d'Schrauwe méi zouzéie wäerten an do wäert och d'Industrie sech mussen ëmstellen.

An da mat der Suerg, déi hei vill zum Ausdrock bruecht hunn, déi een och absolutt kann deelen, datt dat net därerf zulaaschte goe vun deene Matbierger, déi net esou gutt dostinn, respektiv datt do net soll zulaaschte goe vun der wirtschaftlecher Kompetitivitéit, wat dem Här Wagner schéngt egal ze sinn, well e jo e fundamentale Problem huet mat dem fräie Maart, mee dat ass eebse seng Attitüd, an ...

(Interruption par M. David Wagner)

Jo, dat kënne mer gären eng Kéier maache bei engem Patt zesummen, wou mer scho laang net méi zesummen ee geholl hunn. Dat misste mer effektiv rëm eng Kéier maachen, Här Wagner.

(Hilarité et interruptions)

An an der Zäit hu mer dat gemaach, wéi mer an der Jugend nach zesummen aktiv waren. Also, ganz gären. Well mat dem Här Wagner kann ee ganz gutt schwätzen. Also, dat ass guer net dat. Ech mengen, ...

(Interruption par M. David Wagner)

Ma merci. Op jiddwer Fall, fir elo zréckzecommen ... Dir hutt mech aus dem Konzept bruecht. Fir zréckzecommen: Also, ech mengen, déi Suerg, déi ausgedréckt ginn ass, déi sozial Gerechtegkeet an och déi Kompetitivitéit fir eis Wirtschaft, dat sinn och Piliere vun dem Europäesch Green Deal. Et sinn och d'Piliere vun den nächsten Aktiounen, déi vun der Europäesch Unioun wäerte gemaach ginn. Natierlech stinn europäesch Wale virun der Dier – kucke mer mol, wéi déi wäerten ausgoen –, mee mir hoffen natierlech awer, datt d'Europäesch Kommissioun an och dat neit Parlament an hiren Ambitiounen wäerte weiderfueren, well all Politik, mee och ganz besonnesch d'Klima-, Ëmwelt- an Naturschutzpolitik, soll zu méi sozialer Gerechtegkeet féieren.

Dir hutt e wichtege Punkt ugeschwat, anerer och. Dat ass och ganz richtig, datt mat de Gebaier. Dat ass nach ee vun de ganz grouse Beräicher, wou mer nach net séier genuch weiderkommen. Mir hunn do awer och ambitionéiert Ziler. Och déi viregt d'Regierung hat déi jo festgesat an déi deele mer och, mee do ass et bei der Ëmsetzung, wou et natierlech nach net esou weidergeet. Ech kann awer berouegen: Et sinn awer u sech och genuch Suen do, fir dat ze ënnerstëtzen, datt mer och do d'Emissiounsziler kënnen erreechen, datt mer och do kënnen dee Secteur dekarboniséieren, datt och do d'Leit – d'Privatstéit a jiddwereen, deem eebse Wunnengen huet, dee Gebaier huet – op déi ëmweltfrëndlech Technologie kënnen setzen.

Mee do gëtt et awer nach eng ganz Partie praktesch Detailler, déi einfach emol musse gekläert ginn. Do gëtt et techesch Ëmsetzungen. Mir hate jo gëschter eng Sëtzung vun der Ëmweltkommissioun, wou mer och schonn e bëssen doriwwer geschwat hunn, datt

et dacks eeben och dodrunner scheitert. Zum Beispill bei de Wärmepumpelen, déi falsch installéiert ginn, well et do nach keng obligatoresch Receptioun gëtt, well mer nach net esou weiderkommen, datt méi Leit eeben och kënnen doranner investéieren.

Dofir wëlle mer och gären als nei Regierung och déi Subsiden eng Kéier op de Leescht huelen, se, wa méiglech, sozial gerecht och staffelen, wuel wëssend, datt mer natierlech och mussen deene Leit ënner d'Äerm gräifen, déi et am meeschte brauchen, déi meeschtens Locataire sinn, awer mer dierfen net vergiessen, datt mer och Propriétaire mussen Incentivé ginn. Si wäerte jo och d'Investitiounen maachen, fir déi Wunnengen, déi hinne gehéieren, fir déi Haiser, déi hinne gehéieren, och energeetesche ze sanéieren. Do gëtt et also eng Partie techesch Defien, déi musse geléist ginn, an natierlech d'Incentivepolitik, déi och weider gemaach wäert ginn an nach méi ambitiéis wäert gemaach ginn, fir datt jiddwereen, dee wëll, och op dee Wee matgeet an och d'Méiglechkeet kritt, mat op dee Wee kënnen ze goen. Et soll net dru scheitern, datt, well ech e méi klengt Akommes hunn, ech herno déi Efforten net ka matmaachen, déi mer alleguerten zesumme musse maachen.

An dann ass zum Beispill eng Obligatioun och fir all d'europäesch Staaten, am Kader vun deem ganzen Europäesch Green Deal an deem ganze Package Fit-for-55, wéi dat sou schéin op Lëtzebuergesch heescht, datt mer mussen och e Fonds social pour le climat op d'Bee setzen, net méi spéit wéi bis 2025, wou dann eeben och grad all déi dote Mesure musse virgesi sinn a wou déi musse matfinanzéiert ginn. Dat geschitt awer hei schonn zu Lëtzebuerg, wéi gesot, iwwert de Fonds climat et énergie, deem déi Subsiden, wéi gesot, ausbezitt, fir kënnen an erneierbar Technologien ze investéieren.

Mee all europäesch Land huet d'Obligatioun, esou e Fong op d'Been ze stellen, well déi Notioun vu sozial gerechter Transitioun, déi „Just Transition“, e Pilier ass vun der europäesch Klimaschutzpolitik, genau sou wéi awer och d'Kompetitivitéit gradesou wichteg ass, well et nëtzt eis natierlech näischt, wa mir déi Eenzeg sinn, déi Efforte maachen an eis Entreprises doduerer awer um Weltmarché net méi esou kënnen mathalen. An, wat den Här Polidori gesot huet, datt ass natierlech och e richtege Prinzip: Et ass e globale Problem an e muss och global geléist ginn. Duerfir hu mer awer de Kader, ënnert anerem vun der UNO, an och déi Reglementer, fir déi Konventiounen, fir déi Decisiounen zesummen ze huelen, fir datt weltwäit och alleguerten d'Efforte gemaach ginn.

Dat ass natierlech eng Debatt, déi mer nach eng Kéier méi am Detail kënnen féieren, well et ass net nëmmen ze gesinn, datt Europa kompetitiv muss si par rapport zum Rescht, mee Europa huet natierlech och eng Responsabilitéit, Investitiounen ze maachen an anere Géigende vun der Welt, déi haut scho leiden ënnert dem Klimawandel, wou eeben och Klimaupassungsprojete musse finanzéiert ginn, wat d'Lëtzebuerg Regierung awer och scho mécht, wou eeben och Beem musse geplazt ginn, wou Landverbrauch gestoppt muss ginn, wou eeben och déi Länner Fäegkeeten iwwer Best Practices geléiert musse kréien, fir sech haut scho méi géint d'Konsequenze vum Klimawandel kënnen ze schützen.

Do hu mer eng Responsabilitéit. Do huet zum Beispill och eis Finanzplaz eng Responsabilitéit, well mir hei zu Lëtzebuerg jo vill Fonge verwalten, déi awer och mussen an déi Projekte kënnen investéieren. An do musse mer dann déi Fongen an déi, déi déi Projeten hunn, beieneebringen, fir datt déi Suen, déi gebraucht ginn, och doran investéiert ginn.

An och wann d'Staate ganz vill Verantwortung müssen iwwerhuelen a vill vun dem PIB muss benotzt ginn, fir iwwer staatlech Ausgläichsmechanismen an déi ganz Klimaschutzpolitik ze investéieren, brauche mer awer de Privatsécteur, well do déi meeschte Sue sinn, fir och an déi ganz Politik ze investéieren. An do, mengen ech, kënnen mir als Lëtzebuerg eng wichteg Roll iwwerhuelen. An dës Regierung wäert do och hir Verantwortung mat iwwerhuelen.

Ech soen Iech op jiddwer Fall Merci, datt Dir deen heite Projet de loi stëmmt, well et e wichtige Pilier ass, fir kënnen weiderzecommen, fir op där enger Säit déi national Klimaschutzziler ze erreechen, mee och, fir déi europäesch Klimaschutzziler ze erreechen. Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Minister. Erlaabt Der, datt den Här Goergen Iech nach eng Fro stellt?

(Interruption)

Här Minister, erlaabt Der, datt den Här Goergen Iech nach eng Fro stellt?

(Brouhaha)

Här Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Mir kënnen och eppes drénken.

M. Serge Wilmes, Ministre de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité | Ech hu lo meng Ried zerrappé.

(Hilarité)

M. Marc Goergen (Piraten) | Jo. Nee, ech hunn Iech gutt nogelasscht an op deene meeschte Punkte si mer jo souwisou enger Meenung, wat den Ëmweltschutz ubelaangt, och wa mir heiansdo ongedëlleg sinn.

M. Serge Wilmes, Ministre de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité | Dat ass jo Äert gutt Recht.

M. Marc Goergen (Piraten) | Dir hutt gesot: „aus dem Pétrol erauszeklammern“, wat ech och esou ënnerschreiw kann. Mee ech hunn awer do eng konkret Fro un Iech: Wäert dann och keng Autorisatioun méi erausgoe vun der Regierung, fir weider Tankstelle ronderëm eis Autobunnsnetzer oder Collectricé wéi zu Rodange oder op der A13 ze bauen? Well esou wéi ech Iech elo verstane hunn, géif et jo weening Sënn maachen, nei Strukturen fir dee fossille Brennstoff Diesel oder Bensin ze bauen, wa mer do sollen erausklammern. An da géif Dir jo keng Autorisatioun méi ginn, wann ech Iech elo richteg verstane hunn. Merci.

M. Serge Wilmes, Ministre de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité | Also, ech kann Iech emol éischters net soen, ob iwwerhaupt eng Demande dolaist, fir iergendwou nach eng nei Tankstell ze bauen. Déi Informatioun hunn ech net.

An ech mengen, aus de fossillen Energien erauszeklammern, dat ass natierlech op Horizont 2040 bis 2050, wou mer déi Klimaneutralitéit wäerte müssen erreechen, an do muss sech natierlech e ganzen Ecosystem herno ëmbauen. A wéi eng Richtung dat da wäert goen, ob dat dann herno méi Elektresch oder méi Hydrogeen ass, dat ass dann ze gesinn.

Mee ech kann Iech awer elo déi Fro esou net beäntweren, well ech éischters net weess, ob et esou ass, an zweetens wäert sech dat no an no och esou eng Kéier erginn. Mee haut weess ech net, wéi ech elo

dorop soll eng Äntwert ginn, well ech elo do nach keng Kenntnis hunn. Oder hutt Dir Kenntnis dovunner?

M. Marc Goergen (Piraten) | Däerf ech äntweren, Här President?

M. Claude Wiseler, Président | Jo, mir halen elo just keen Dialog. Eng Äntwert.

M. Marc Goergen (Piraten) | A, pardon. A sech, déi Diskussioun iwwer eng Tankstell, eng Aire, Richtung Saarbrécken op der Saarbréckener Autobunn leeft jo scho länger. Dann hu mer zum Beispill dat selwecht zu Rodange, wou eng op d'Collectrice sollt kommen. Dat géif awer Ärer Strategie, déi Der grad erkläert hutt, net méi entsprechen. Dofir hunn ech déi Fro nämlech gestallt. Merci.

M. Serge Wilmes, Ministre de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité | Ok. Merci. Dont acte.

M. Claude Wiseler, Président | Sou, domat ass d'Diskussioun dann elo ofgeschloss.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwer de Projet de loi 8320. Den Text steet am Document parlementaire 8320⁵.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8320 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. De Quorum ass erreecht. De Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

(Interruptions diverses signalant un problème technique et concertation interne y relative)

Merci. Also, ech kréie matgedeelt, datt mer 54 Jo-Stëmmen hunn, 2 Abstentiounen a 4 Nee-Stëmmen. Domat wär dësen Text dann uegheoll mat 54 Jo-Stëmmen géint 4 Nee-Stëmmen bei 2 Abstentiounen.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 8320 est adopté par 53 voix pour, 5 voix contre et 2 abstentions.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emeryng, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. Gusty Graas), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Cloener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert ;

MM. François Bausch, Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement (par M. Ben Polidori), Marc Goergen et Ben Polidori.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig.

Se sont abstenus : MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

6. Dépôt d'une motion par M. Meris Sehovic

Dann hunn ech nach eng Wuertmeldung vum Här Sehovic fir den Depot vun enger Motioun, wann ech richteg verstane hunn. Här Sehovic.

Exposé

M. Meris Sehovic (déi gréng), auteur | Merci, Här President. Léif Frëndinnen a Frënn, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wat ech de Moien an der Jointe vun de Kommissiounen vun den Affaires intérieures a vun der Justiz erlieft hunn, wou et ëm d'Ëmsetzung vum Heescheverbuet an notament den Dispositif spécial vun der Police gaangen ass, dat ass du jamais vu. Dat hu mer och Kolleeginnen a Kolleegen confirméiert, déi weesentlech méi laang hei an deem héijen Haus siegëiere wéi ech.

Mir haten op där enger Säit kloer Aussoe vun de Vertrieederinnen a vum Vertrieeder vum Parquet.

Éischters, de Parquet war net informéiert iwwer de Fait, dass Agente vun der Police judiciaire fir den Dispositif spécial ofgezu gi sinn. Se waren an der Decisionsfannung net agebonnen.

Zweetens, héich spezialiséiert Beamtinnen a Beamte vun der Police judiciaire, déi an der Bekämpfung vum Terrorismus aktiv sinn, déi an der Bekämpfung vum Blanchiment vun der Finanzkriminalitéit schaffen sollen, müssen d'Heescheverbuet an der Stad Lëtzebuerg enforcéieren an do patroulléieren goen.

Drëttens, d'Procureure générale d'État seet eis, dass den Dispositif spécial, esou wéi en zesummegesat ass an esou wéi e fonctionéiere soll, net géeegeent ass, fir déi Missiounen, wéi se fixéiert gi si vun der Regierung, ze erfüllen.

A véiertens, dat ass nach vill méi schlëmm: D'Affären, déi vum Dispositif spécial poursuivéiert ginn, kéinten annulléiert ginn, well den État de droit net respektéiert gëtt.

Fënneftens, an zulescht, ass de Constat, dass eng grouss Onzefriddenheet um Terrain ass, beim Parquet a beim Service de police judiciaire.

Op där anerer Säit ganz vill Onkloerheet, ganz vill widersprénglech Aussoen um Niveau vun der Regierung. Wéi vill Beamte ware säit der Grënnung vum Dispositif spécial vun der Police judiciaire ofgezunn an deen Dispositif spécial? Keng kloer Äntwert. Just de Verweis, dass iwwer déi nächst 15 Deeg 30 Beamte solle vun der Police judiciaire detachéiert ginn.

Op eis Fro hin, aus wéi enge Sektione vun der PJ dës Beamte sollen ofgezu ginn, kounn keng kloer Äntwert. Op eis Fro hin, ob de Minister Instruktiounen un d'Police a méi speziell un d'Police judiciaire ginn huet, sot den Här Minister an der Kommissioun: Nee, ganz kloer net, hie géif d'Gewaltentrennung respektéieren!

Ech zitieren awer aus dem Brëif, deen eis haut zougänglech gemaach ginn ass, aus der Äntwert vum Inneminister un d'Madamm Solovieff, ech zitieren: „En date du 7 mars, sans préjudice quant à la date exacte, lorsque j'ai appris par le directeur général de la Police que, lors de la réunion du comité d'accompagnement, cet excès de zèle fut à l'ordre du jour, j'ai – Zitat – „immédiatement demandé au directeur général d'y remédier.“ Jo, wat dann elo, Här Minister?

Här President, léif Frëndinnen a Frënn, den Inneminister huet an dräi Méint méi Porzellän an den